Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Mëtt Juli ass Lëtzebuerg jo vun uergen Iwwerschwemmunge getraff ginn, dobäi ass et zu ganz héijem Materialschued komm. Der nationaler Assurancenassociatioun ACA no, handelt et sech dobäi em déi deierst Naturkatastroph déi mir jee zu Lëtzebuerg haten. Vill Wunnenge sinn esou staark beschiedegt ginn datt d'Leit hu missen enzwousch anescht ënner Daach kommen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Hunn alleguerten déi Leit déi net méi an hiren uerg beschiedegte Wunnenge kënne wunnen, eng laangfristeg Léisung fonnt?

2. Sinn d'Hëllefsgelder déi d'Regierung fir d'Héichwaasseraffer decidéiert hat mëttlerweil alleguerten ausbezuelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten